

"Jeunes en Marche", Dekanat Bétebuerg

"Jeunes en Marche" ass eng jong an dynamesch Grupp vu Jugendlechen aus dem Dekanat Bétebuerg, déi am Jubiläumsjoer 1978 (Tricentenaire) entstanen ass. An de Méint März bis Mee an dem Joer haten eng Rei jong Laien a Geeschtlech aus dem Dekanat versicht, mat 16 verschiddene Veranstaltungen, déi all Kéier an enger anerer Par waren, déi Jugendlech zesummenzféieren an hinnen d'Méiglechkeet ze gin, hire Glawen nei ze iwerdenken. "Mér all wëllen och méi zesummefannen, fir gemeinsam an der Welt vun haut Zeechen vun Hoffnung a vu Liewen fir anerer ze sin," sou stung et an der U-kennegung vum Programm. A ronn 1500 Jugendlech hun un dësem Programm deelgeholl. An déi positiv Entwerten, déi duerno déi Jugendlech op e Questionnaire gin hun, hun déi Responsabel derzou gefouert, d'Idee vu "Jeunes en Marche" weiderzeféieren. A verschidde Paren, wou bis elo nach näischt fir Jugendlecher bestung, si Gruppen entstan, déi am Sénn vu "Jeunes en Marche" schaffen.

"Wéi Jesus Christus bekannt machen" a "Mér all sin d'Kierch", et waren dat d'Themen, énner dénen an den 2 Joer duerno e Programm opgesat gin ass. "Jeunes en Marche" ass haut zu engem Begréff gin, mä doriwer eraus fir vill Jugendlech zu engem dynamesche Mouvement, wou ee mat Begeeschterung higeet an awer och nees frou hem geet.

Témoignage vun Jugendlechen sollen dest bestätigen: "Jeunes en Marche ass eng Méiglechkeet, fir iwer déi lokal Basis eraus zu engem méi grousse Grupp vu Jugendlechen zesummenzekommen. Ech gesin heibéi, dass och nach vill aner Jugendlecher zu hirem Glaw stin a sech duefir asetzen. Dat mecht mer selwer Courage." (Témoignage aus der Radiomass den 25.3.1979 zu Hëncheréng)

"An der Kierch doheim fillen ech mech verlooss well bal keng Jugendlech an der Mass sin. Hei bei "Jeunes en Marche" komme mer zu vill zesummen. Et ass méi liicht, fir do derbei ze sin a matzefeieren."

(aus der selwechter Radiomass).

"Eine der zweifellos sehr erfreulichen Entwicklungen, die sich aus dem Tricentenaire ergaben, ist die Jugendbewegung "Jeunes en Marche", die seither grosse Teile der katholischen Jugend im Dekanat Bettemburg mitgerissen hat und dies sicherlich nicht zuletzt durch ihren dynamischen Charakter. Endlich,



muss man schon sagen, ist es gelungen, eine Bewegung auf die Beine zu stellen, die allen Jugendlichen die Möglichkeit gibt, sich voll einzusetzen für Jesus Christus und ihr Leben an diesem zu orientieren. War es bisher für diejenigen, die in etwas kleineren, abseits gelegenen Dörfern wohnen, nicht möglich, sich zu engagieren, so ist dieses Problem jetzt gelöst. 'Jeunes en Marche' "gastiert" jedes Mal an einem anderen Ort des Dekanates, ein Umstand, durch den das Ganze noch mehr Schwung und Bewegung bekommt. Die Zeiten sind nicht unbedingt rosig für den Jugendlichen, der seinem Leben eine entscheidende Richtung geben will. Jeunes en Marche soll ihm helfen, sich zu besinnen und die richtige Entscheidung zu treffen. Auf diese Weise hat der Jugendliche einen festen Halt in einer hektischen Zeit, die bald alte, bald neue Werte in Frage stellt, um sie durch andere zu ersetzen und so ein Gefühl der Unsicherheit und Entwurzelung unter den Zeitgenossen hervorruft."

(Public No 34/79, S. 17)

'Jeunes en Marche' heescht: énnerwee sin, sech bestänneg obdreie loossen a sech nüt mat eppes zefriddien gin, wat een eemol ereecht huet. 'Jeunes en Marche' heescht: nüt zer-éckgoen, mais mathélfelen, d'Welt virunzedreiwen, jo och d'Reich Gottes erbeizeféieren.

'Jeunes en Marche', e neie Wee, fir déi Jugendlech méi no zu Christus ze féieren!